Ech sinn Enseignant a ginn ënner an der E-Mail Flut vu mengen Schüler*innen*… Hëllef!!!!1

→ Et ass un der Zäit **Smart Mailboxes** an der Apple Mail App vun ärem Mac anzestellen.

„**Smart Mailboxes**“ filteren är komplett E-Mail-Inbox no vun iech définéierten Kriterien an weisen iech just déi E-Mails un, déi dir och wierklech an där Smart Mailbox wëllt ugewisen kréien.

Als Beispill: „Ech als Enseignante wëll just Emails vu Schüler*innen* gesinn, déi ech haut op dësem Dag geschéckt krut!“

Wéi stellt een dat an?

1. Maacht d'*Mail* App op, gitt bei *Mailbox* an wielt '*New Smart Mailbox*' *aus.*

2. Wielt des *Kriterien* (Engl. *conditions*) aus (cf. Screenshot 2), définéiert een *Numm* an dréckt *OK*.

3. An der Lëscht op der lénkser Säit erschéngt är *Smart Mailbox* an dir kritt direkt déi gefiltert E-Mails vun ären Schüler*innen* ugewisen.







All är E-Mails vun Schüler*innen* vun dësem Dag sinn lo op enger Plaz ze fannen. ✓

(Dëst ass just een Beispill vun villen. Smart Mailboxes bidden onmooosseg vill Méiglechkeeten.)